N°1680
Entrée le 20.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°1680 vum 18. Dezember 2024 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Chasses battues"**

**1) Wéi vill Klappjuegten goufen 2023 an 2024, opgelëscht pro Mount, ofgehalen?**

An de Joren 2023 an 2024 goufen der Naturverwaltung (ANF), op deenen 621 Juegdlousen déi et zu Lëtzebuerg gëtt, 2013 Beweegungsjuegden am Virfeld gemellt. Et muss een awer betounen, dass d'Zuel vun de Beweegungsjuegden effektiv méi niddereg ka sinn, well verschidde gemellte Beweegungsjuegden net stattfonnt hunn oder well sech méi Juegdlousen fir revéieriwwergräifend Beweegungsjuegden zesummegedoen hunn. An esou Fäll géifen dës als eng eenzel Beweegungsjuegd gezielt ginn.

| Period | Unzuel vun de Beweegungsjuegden |
|---|---|
| Jan-23 | 43 |
| Feb-23 - Sep-23 | 0 |
| Oct-23 | 235 |
| Nov-23 | 439 |
| Dec-23 | 297 |
| ***Total 2023*** | ***1014*** |
| Jan-24 | 52 |
| Feb-24 - Sep-24 | 0 |
| Oct-24 | 218 |
| Nov-24 | 439 |
| Dec-24 | 290 |
| ***Total 2024*** | ***999*** |

**2) Op wéi ville Juegten goufen an de vergaangene fënnef Joren Alkoholprouwen gemaach?**

Alkoholprouwe ginn net vun der Naturverwaltung (ANF) duerchgefouert. Sporadesch gi gemeinsam Kontrollen zesumme mat der Police gemaach. Bei deene konzentréiert sech d'Police op d'Legislatioun par rapport zum Waffegesetz. Am Fall vun Opfällegkeete gëtt da geziilt eng Alkoholprouf gemaach. Et sinn an de Joren 2022, 2023 an 2024 pro Joer allkéiers zwou esou Kontrollen duerchgefouert ginn.

**3) Wéi vill Zesummestéiss goufen et an deene vergaangenen véier Joren, opgelëscht no Mount, tëschent Wëlldéieren a Stroossegefierer?**

Et gëtt dozou keng Donnéeën.

**4) Existéieren Zuelen dozou, wéi vill Accidenter mat Juegdhënn passéiert sinn oder wéi vill Mol Juegdhënn fortgelaf sinn?**

Et gëtt dozou keng Donnéeën.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit